# 19/10/2025

# Journee de la commemoration nationale

# Allocution de Madame Claudine Muller, Directrice du LTPES

Har Chamberpresident, Har Minister, léif Membere vum Comité pour la Mémoire de la 2e Guerre Mondiale, léif Éieregäscht, léif Membere vun de Schoulgemeinschaften vum LEM a vum LTPES,

Mir hunn eis haut hei versammelt, fir un dei daischterst Zait vun eisem Land, an iwwerhaapt vun der ganzer Welt ze erënneren, fir un d'Leit hei zu Lëtzebuerg ze erenneren, déi wärend dem 2. Weltkrich ënnert der Occupatioun vun Nazidäitschland gelidden a géint dësen Terrorregime gekämpft hunn.

Wei ech mer iwwerluecht hunn, wat ech haut hei soe keint, hunn ech mech gefrot, wat Erenneren am Joer 2025 bedeit, fir mech perséinlech, fir meng Kanner, fir eis Schüler&Schülerinnen, fir eis als Gesellschaft.

Ech selwer hu jo keng eegen Erennerung un des schlemm Zait. Meng Erennerung ass eng Erennerung aus zweeter Hand. Ech erennere mech drun, datt mai Papp vu sengem Monni Aloyse erzielt huet, deen aus dem KZ vu Sachsenhausen an all Bréif geschriwwen huet "Die Hosenträger halten gut", a kee vun der Famill eppes mat deem Saz ufanke konnt, bis si de Monni Aloyse eremgesinn hunn; ofgemoert bis op d'Schanken a mat senger vill ze weider Box, déi vun engem Seel zesumme gehale ginn ass. Si waren net drop komm, datt hien mat der Floskel verklausuléiert no Bretelle froe wollt. Ech erënnere mech drun, datt de Monni Aloyse anscheinend bei all Convoi, deen am KZ ukomm ass, gesot hätt "Ech duecht, dës Kéier, Georges, wier Deng domm Schness och derbäi." Dat war als bridderlech Zouwendung sengem klenge Brudder, mengem Grousspapp, Georges Muller géigeniwwer ze verstoen, dee Chance hat, als Resistenzler Schoulmeeschter am Gronn gewierscht an do net verrode ginn ze sinn. Ech erënnere mech drun, datt driwwer geschwat ginn ass, datt mäin anere Bopa, de Pierre Kisch, och Schoulmeeschter, vu Miinsbech op Benzelt zwangsversat gi war, well e refuseiert huet "Heil Hitler" mat de Kanner an der Schoul ze maachen an dofir net "Gewähr" gebueden huet. Meng Bomi huet sech als jonk Mamm dunn mat den deemools scho 5 Kanner missen eleng eremklappen. Duerch mengem Schwéierpapp seng Erzielungen hunn ech Biller am Kapp vun him, wei hien als Veierjärege mat senge grousse Schwesteren a senger Mamm wärend der Ardennenoffensiv iwwert de Schumannseck aus Woltz geflücht ass an do een doudegen amerikaneschen Zaldot um aneren leie gesinn huet. Duerch dem Erny Lamborelle seng Erzielungen op de Familjekonveniater hunn ech Biller am Kapp vum Schicksal vu sengem Bop a sengen zwee Monnien, déi vun den Nazien hannert engem Auto duerch Clierf zu Dout geschleeft gi sinn, a vun engem weidere vu senge Monnien, deen net vun Tambow zreckkomm ass. Duerch jiddesch Frenn ass iergendwann d'Shoa a mäi Bewosstsäin komm; hir Singularität hunn ech allerdéngs eréischt vill méi spéit realiséiert.

An ech keint elo nach mat konkreete Beispiller weiderfueren. Des Erzielungen hu mir als Kanner dachs, fir net ze soen bal all Dag, héieren.

Eis Kanner net méi.

D'Aenzeie gi rar, déi intuitiv Weidervermettlung léisst no. D'Welt verännert sech.

Ech widderhuele mech, wann ech soen, datt de Rietsruck, dee weltwäit duerch d'Gesellschafte geet, mir immens grouss Suerge bereet. Ech hat wierklech gehofft, datt mir no der Erfarung vum 2. Weltkrich an der Okkupatioun duerch Nazidaitschland hei am Land, ma och a ganz Europa an an der ganzer fräier Welt bäigeleiert hätten an net mei emfänglech wieren, fir dei vun de Populiste virgegaukelt einfach Äntwerten op komplex Froen. Des ginn

erfarungsgemeiss emmer op d'Kaschten vu Minoriteiten a vun deene Persounegruppen, déi um Rand vun eiser Gesellschaft stinn a vun deene kritesche Membere vun der Gesellschaft. Ech hat och gehofft, datt mer als frai europäesch Gesellschaft opgrond vun eisem humanisteschte Menschebild an eisem Vertrauen an d'Demokratie immun wiere géint déi rietsextreem a rietspopulistesch Gefor. Säit dem 2. Weltkrich war et hei am Land normal, sech géint de Faschismus ze positionneieren, oder, fir et mam Marlene Dietrich ze soen: Et war anstanneg, sech geint de Faschismus ze positionneieren; den Anstand huet dat verlaangt!

Wa mer haut duerch d'Welt kucken, da musse mer entsat feststellen, dat deen Anstand a ville Kreesser feelt. Als Lycéesdirektesch stellen ech mer an dem Kontext natierlech besonnesch d'Fro, wéi mir dës Haltung, déi mir nach quasi intuitiv als anstänneg internaliséiert hunn, un eis Jugend vermëttele kënnen, déi sech vun hirer Biographie hir zäitlech emmer méi wäit vun deene virdru beschriwwenen Erennerungen oder direkt iwwermettelten Erënnerungen entfernen.

Als Direktesch vun deem Lycée, deen dee gréissten Deel vun eisen zukünftegen Educateuren an Educatrice formeiert, dei an hirem Berufsliewe bei de Kanner a Jugendlechen als Facteurs multiplicateurs wierke wäerten, fillen ech des Verantwortung besonnesch staark. Ech sinn iwwerzeegt dervun, datt et un eis ass, fir derfir ze suergen, datt d'Erennerung lieweg gehale gett. Net als Pflicht, mee als Verantwortung.

Dofir ass et wichteg, datt d'Hannergrondwessen an de Schoule vermettelt gett, fir datt eis Kanner an eis Jugendlech an enger Welt, an der d'Medien sech méi séier entwéckelen, wéi mir kucke kënnen, an den Ennerscheed tescht fundéierter Informatioun a Fakenews emmer méi schwiereg gett, opgrond vun hirem ugeeegente Wessen, et fäerdeg bréngen, d'Orientéierung net ze verléieren an de populistesche Ratefänger net an d'Netz ze goen. Geschichtsunterrecht kritt an deem Zesummenhank ee ganz neie Stellewäert, deen e leider an deene vergaangene Joerzengten zum Deel verluer huet. Ech ka mengem Mann nemme Recht ginn - jo, och dat kennt vir! -, wann hien als Historiker drop pocht, datt Geschicht eng Zukunftswessenschaft ass! An desem Senn ass d'Erennerung net retrospektiv, mee prospektiv. Erënneren heescht also net nemmen zréckzedenken, mä no vir ze goen, net nemmen ze kucken, mä ze handelen.
(Paus)
Virun enger Woch sinn ech op een Interview vun de Schwaizer Soziologen Carolin Amlinger an Oliver Nachtwey vun der Uni Basel gestouss, déi an hirer Etude mam Titel „Gekränkte Freiheit“ vun 2022 zur Conclusioun komm sinn, datt déi trotz der Erënnerungskultur aktuell op ville Plaze bestoend faschistesch Tendenzen sech zu engem groussen Deel aus Gefiller speisen, besonnesch aus dem Gefill vun noloossendem Wuelstand an Niddergank, dat sech individuell aus eegenen a medial vermëttelte Beobachtungen zesummegereimt gett. Fir mech heescht dat, datt mir niewent der Erënnerungsaarbecht besonnesch och d'Solidariteit weiderhi fordere mussen, datt mer keen zreckloossen däerfen a ganz besonnesch derfir suerge mussen, datt d'Schéier tëscht aarm a räich net nach weider auserneegeet, mä datt au contraire de Probleem vun de working Poor decidéiert ugaange gett! Dat heescht fir mech och, datt mir weiderhin decidéiert mussen an de Staat, an d'Infrastruktur, an d'Dengschtleeschtungen an a d'Bildung investéieren.

Well Demokratie ass kee Status quo. Si ass kee Besëtz, mee eng Aufgab. Eng Aufgab, déi doranner besteet, nozelauschteren an net ze jäitzen, ze schützen an net ze zerstéieren, ze vereenen an net ze splécken ... fir ee fräit a friddlecht Zesummeliewen ze garantéieren.

Fir ofzeschléissen well ech dem Comité de la mémoire de la 2e Guerre Mondiale ee grousse Merci soen fir hir immens wichteg Erënnerungsaarbecht, déi onbednġt weidergefouert gi muss; ech well der ganzer Ekipp vum LEM Merci soen, fir d'Organisatiounsaarbecht, déi si zum groussen Deel iwwerholl hunn; der Schoulgemeinschaft vum LTPES a ganz besonnesch eisen immens engagéierten Enseignanten, vun deenen der eng ganz Rei haut hei sinn, déi sech all mat ganzer Hingab fir d'Erennerungsaarbecht asetzen; ganz besonnesch Merci soen well ech deene ville Jonken, de Schüler a Schülerinnen, déi haut de Programm gestalt hunn an sech dofir och intensiv mat der Thematik beschäftegt hunn. Den Ardono huet geschriwwen: „Aller politische Unterricht endlich sollte zentriert sein darin, daß Auschwitz nicht sich wiederhole.“ Fir datt d'Affer, déi eis Grousselteren an Eltere bruecht hunn, net emsoss waren, brauche mir des engagéiert, couragéiert, opgekläerten

an historesch gebilte Jugend mat hirer kritescher, mä matmenschlecher, also ANSTÄNNECHER Haltung, fir eis Demokratie ze schützen a weiderzeféieren – haut a muer, méi wéi jee.
Merci.